<LËTZEBUERG
CITY
MUSEUM>

ZÄITZEIE GESICHT

# D'Schueberfouer an de Sixties

**De Lëtzebuerg City Museum an d'Chercheuse Véronique Faber vun der Uni Lëtzebuerg sichen no Participantë fir e Workshop iwwer Erënnerungen un d'Schueberfouer an den 1960er Joeren.**

Nom 2. Weltkrich huet sech d'Schueberfouer ëmmer méi zu engem grousse populäre Fest entwéckelt. Et gouf verschidde Schaubude mat Zauberkënschtler, Boxkämpfer, ëmmer méi schnell Spiller, hei e Goldfësch ze gewannen an do Fritten am Pabeierscornet.

An dësem Workshop wëlle mir mat Hëllef vu Fotoen illustréiere, wéi et an den 1960er Joren op der Schueberfouer war. Wéi eng Attraktiounen a Schaubude gouf et? Wat waren d'Geräischer an d'Geréicher? Wat huet ee giess? Zesumme wëlle mer eis dorun erënneren an an engems d'Ënnerscheeder zu haut diskutéieren.

D'Participantë kënnen hir Erënnerungen zum Schluss och ophuelen. Dëse Workshop gëtt organiséiert am Kader vun enger Dokteraarbecht iwwer d'Schueberfouer um C$^2$DH (*Centre for Contemporary and Digital History*) op der Universitéit Lëtzebuerg.

Gesicht gi virun allem Leit, déi an den 1960er Joeren d'Fouer besicht hunn (als Kand, Jugendlechen oder Erwuessenen) an déi Loscht hunn, hir Erënnerungen ze deelen.



Théo Mey, *Schueberfouer*, 1961,
© Photothèque de la Ville de Luxembourg

**Wéini?**

**Do. 8. Juni 2023 ëm 18.00 Auer**

**Wou?**

**Lëtzebuerg City Museum**
(14, rue du Saint-Esprit, L-1475 Luxembourg)

**Gratis Aschreiwung:**

Telefon +352 4796 4500
E-mail visites@2musees.vdl.lu